Helperknapp, 13/06/2024

# Rapport vun der Jugendkommissioun Kommissioun (28.05.2024)

## Presenzen

| Present | Net present |
|---|---|
| Rosie Brandenburger | Jyll Duschinger (entschëllegt) |
| Noah Edert | Frank Conrad (entschëllegt) |
| Samantha Fernandez | |
| Lara Georges | |
| Michelle Leroy (online) | |
| Lynn Mangen | |
| Jordan Pires | |
| Marie Sadler | |
| Leo Toum | |

## 1. Donatioun Benefice vum Event Kürbis schnëtzen (28.10.2023) – Feedback

- D'Lara Georges huet de Kontakt mat der Organisatioun Île aux clowns opgeholl. Follgend Froe stinn nach oppe fir Donatioun:
    - **Fro un de Gemenge- a Schäfferot** : Wien soll de Benefice un d'Organisatioun Île aux clowns spenden?
        - d'Präsidentin vun der Jugendkommissioun "Marie Sadler".
        - d'Gemeng Helperknapp (d'Marie Sadler iwwerweist de Montant der Gemeng an déi mëscht Donatioun).
    - D'Lara Georges freet Disponibilitéite vun der Organisatioun Île aux clown fir eng Checkiwwereschung per Mail bei der Organisatioun no.
    - **Fro un de Gemenge- a Schäfferot** : Wéie Check gëtt fir Donatioun genotzt ?
      Gemeng Helperknapp oder Île aux clown (d'Lynn Mangen freet dëst bei der Gemeng no).

Helperknapp, 13/06/2024

## 2. Amenagement Spillplazen an der Gemeng – Feedback

- D'Lynn Mangen informéiert d'Jugendkommissioun doriwwer, dass eng néi Spillplatz zu Téinten geplangt an och wëll bestallt ginn ass.
- Baséierend op engem Entretien mam Ben Baus informéiert d'Samantha Fernandez d'Membere vun der Jugendkommissioun doriwwer, dass ee reegelméissegen Entretien vun de Spillplazen an der Gemeng Helperknapp assuréiert gëtt.
- Fir d'Spillplaz an der Neiwiss zu Téinten gouf een Drot ugefrot, dësen ass awer nach net fäerdeg gemaach ginn.
- Duerch de Chantier beim Centre médicale zu Téinten kann eng vun den d'Spillplaz zu Téinten am Moment net genotzt ginn.
- Erstelle vun engem Dossier iwwert d'Spillplazen an der Gemeng Helperknapp
    - D'Membere vun der Jugendkommissioun schécken dem Lara Georges Fotoe vun de verschiddenen Spillplazen aus der Gemeng. Niewent de Fotoe formuléieren si ee klenge Kommentar zu der jeeweileger Spillplaz.
    - Soubal den Dossier vum Lara Georges zesummegesat ginn ass gëtt dësen un all Membere vun der Jugendkommissioun geschéckt. Nom Accord vun all Member kann den Dossier dem Schäfferot virgeluecht ginn.
- Den Dossier iwwert d'Spillplazen an der Gemeng Helperknapp soll fir déi nächst Versammlung (19.06.24) fäerdeggestallt ginn, fir dass dësen da kann diskutéiert ginn.

## 3. Open Air Kino - Sunset Cinema

- D'Marie Sadler hat een Devis bei der Firma Sunset Cinema (fir de Weekend vum 13-15. September) ugefrot, wëll d'Firma keen Devis ouni Datum ausstellt.
- D'Marie Sadler freet bei der Firma Sunset Cinema no, wéi eng Disponibilitéite sie nach hunn a deelt d'Äntwert vu Sunset Cinema de Membere vun der Jugendkommissioun am Whatsapp-Grupp mat.
- Iwwert de Medium Whatsapp gëtt da baséierend op den Disponibilitéite vun der Firma Sunset Cinema demokratesch ofgestëmmt wéini den Open Air Kino stattfënnt.
- Den Open Air Kino fënnt un de follgenden Deeg statt: 19.07.24, 20.07.24 & 21.07.24.
- No der Confirmatioun vum Devis leed d'Marie Sadler d'Filmpropositiounen vun der Firma Sunset Cinema un d'Membere vun der Jugendkommissioun weider. Iwwert de Medium Whatsapp gëtt dann demokratesch ofgestëmmt, wéi eng dräi Filmer gewise ginn.
- Wéi och schonn d'läscht Joer ass och dëst d'Joer de Film fir d'Specateuren gratis.

Helperknapp, 13/06/2024

- Organisatioun vum Catering (Iessen & Gedrénks) beim Open Air Kino
    - Mir hunn doriwwer diskutéiert wéi vill Clubbe fir den Open Air Kino engagéiert ginn. Mir hu gemeinsam decidéiert, dass all Owend een anere Club engagéiert gëtt, d.h. insgesamt ginn dräi Clubben ausgewielt.
    - All Veräin aus der Gemeng Helperknapp gëtt per Email ugeschriwwe, fir hier Hëllef fir de Catering (Gedrénks) unzebidden. Déi dräi éischt Veräiner ginn ausgewielt.
    - Mir als Jugendkommissioun entscheeden eis dofir, dass d'Gedrénks vun eis bestallt gëtt an déi ausgewielte Clubben aus der Gemeng Helperknapp sech dann em de Verkaf këmmeren.
    - Déi engagéiert Clubbe kréien eng Rechnung vum Akafspräis vum verkaaften Gedrénks vun hirem Owend zougeschéckt. D'Clubben hale soumat de renge Benefice vum Owend.
    - Mir hu gemeinsam iwwert d'Iessen (Grillen, etc.) diskutéiert a sinn zum Entschloss komm, dass dëst d'Joer net gegrillt gëtt. Niewent dem Popcorn vun der Firma Sunset Cinema verkafe mir als Jugendkommissioun Kinosnacks un d'Visiteuren (z.B. Chips, M&Ms, Kamellenspizer, etc.).

## 4. Kommunikatioun

- D'Marie Sadler wënscht sech an Zukunft eng méi oppe Kommunikatioun. An Zukunft géif hat sech wënschen, dass bei méiglече Froen direkt op hat als Präsidentin verwise gëtt.
- Mir als Jugendkommissioun hunn zesummen decidéiert, dass an Zukunft all Member vun der Jugendkomissioun an de Mailen a Kopie gesat soll ginn (d'Mailadress vun der Jugendkommissioun), fir dass jiddereen zu all Moment au courant ass.

## 5. Divers

- Organisatioun vun den Navetten – Jugendhaus Bissen
    - D'Jugendhaus vu Bissen begréisst d'Iddi vun der Organisatioun vun den Navetten. De Budget vum Leader kéint fir dës Navette genotzt ginn. D'Lynn Mangen ass am Kontakt mam Jugendhaus vu Bissen.
    - An der nächster Versammlung (19.06.24 ) diskutéiere mir nach eng Kéier iwwert d'Organisatioun vun den Navetten an deelen dem Jugendhaus weider Informatioune mat.
- Babysittercoursen
    - D'Landakademie bitt keng Babysittercoursen méi an de Gemengen un.
    - D'Jugendhaiser bidden d'Babysittercoursen un. Aus dësem Grond fanne mir et wier eng gutt Iddi fir Publicitéit fir d'Couren an de Jugendhaiser ze maachen.

Helperknapp, 13/06/2024

- Déi nächst Versammlung fënnt um 19.Juni um 19:15 Auer zu Téinten am Gemengesall. D'Marie Sadler reservéiert de Gemengesall zu Téinten.